



ren, getraff ze gi vun iergenwelchen Objeten, déi ronderëm fléien.

Also, mir setzen eis ganz kloer fir déi Responsabilitéit an, déi all Land huet, mä och all Akteur am Espace, fir dass dat, wat en do mécht, dass en och erëm muss derfir suergen, dass et erëm erauskënnt, dass een net méi einfach nëmmen higeet a Satellittchen oder aner Saachen, déi een net méi brauch, einfach fléie léisst, mä dass een d'Responsabilitéit soll kréien, déi dann och erëm anzesammelen, ze recycléieren - why not? -, an domadder deem Problem e Rigel virzeschiben.

Et ass e Fait, an et ass och hei gesot ginn, dass Lëtzebuerg elo dat éischt EU-Land ass, dat sech esou eng Gesetzgebung gëtt. Mir sinn dat zweet Land op der Welt. Just d'USA hunn nach en äänlecht Gesetz. Mä ech mengen, dass mer eis méi schlau ugeluecht hu mat eisem Gesetz, wéi d'Amerikaner dat bei sech gemaach hunn. Firwat?

(Interruption)

Gelif?

Ma well d'Amerikaner soen an hirem Gesetz: „Déi Rechter, déi een duerch Gesetz kritt, gëlle just soulaang, wéi d'Firma méi wéi 50% amerikanescht Kapital ass.“

Elo wësst Der awer, dass an deem Beräich ganz vill Start-uppen ënnerwee sinn. A Kalifornien sinn der eng Onmass, déi sech eben an deem dote Secteur developpéieren. Iergendwann brauchen déi méi grouss Zomme vu Suen. A wa se dann op de Kapitalmarché ginn a se fanne keen amerikanescht Kapital, dann hu se e reelle Problem, well se da jo net méi ënnert d'US-Gesetzgebung falen.

An dofir sinn déi natierlech och all immens interresséiert un deem, wat Lëtzebuerg mécht, well mir déi Limitatioun net virgesinn. Lëtzebuerg hat ni den Drang derzou, ze soen, et misst alles nëmme mat Lëtzeburger Kapital gemaach ginn, well soss géife mer hei net ganz vill maachen, mengen ech. An dofir ass Lëtzebuerg natierlech fir déi doten Entreprises extrem interessant.

Bon, ech mengen, wann ee kuckt, deen enormen Interêt, dee mer generell an der Welt kruten, wéi mer déi heiten Initiativ am Februar d'lescht Joer lancéiert hunn, eleng dat ass schonn Nation Branding, och dat ass gesot ginn, well wierklech emol eng kéier vu Lëtzebuerg geschwat gëtt, ouni dass vill vun der Finanzplaz geschwat gëtt, mä wierklech, dass Lëtzebuerg als fortschrittlecht Land duergestallt gëtt, dat wierklech an d'Zukunft kuckt a probéiert, d'Zukunft matzestalten.

Mir ginn effektiv iwwerrannt vu Firmen, déi bei eis uklappen, well se sech interresséieren, fir sech zu Lëtzebuerg niderzeloossen, well se interresséiert sinn, gewuer ze ginn, wat mer dann am Detail maachen. Mir hunn och eng ganz Rei international Fuerschungsinstitutier, déi u Lëtzebuerg interresséiert sinn. An och hei hat virdrun e Riedner vun der ESA geschwat, der European Space Agency, vun där ech d'Chance hat, zwee Joer President ze sinn um politeschen Niveau, a wou ech dee Sujet ëfters ugeschwat hunn. An d'Skepsis war ëmmer relativ grouss. Dat heescht, dass eigentlech kee groussen Interêt bei der ESA do war, fir an deen heite Projet mat anzeklammern.

Elo, wou mer lancéiert sinn, huet dat sech komplett geännert, well se gesinn hunn, dass deen New Space wierklech d'Zukunft ass. A mir hu virun e puer Wochen um Bourget elo en Accord mat der ESA ënnerschriwwen, wou d'ESA eben elo wëllt Lëtzebuerg ënnerstëtzen am Developpement vun deem heite Secteur. Een Argument méi, dat weist, dass mer definitiv op der richteger Schinn sinn.

Wat sinn elo déi nächst Steps? Also, dat, wat mer elo wäerten deemnächst maachen, dat ass, dass mer eng Agence spatiale grënnen, net ze verwiessele mat der NASA oder der ESA, mä eng Agence spatiale, déi wierklech just de kommerzielle Volet ofdeckt. An déi Agence spatiale soll finanzéiert ginn iwwer en Investmentfong a Form vun enger „public private partnership“, déi eben driwwer hânt, an iwwert deen da Firmen ugezu ginn, andeem mer kënnen Investitiounen an déi Firma maachen, esou wéi mer och schonn aner Fongen opgeluecht hunn am Beräich vun de jeunes Pousses oder de Start-uppen, wéi se op Englesch genannt ginn.

Vläicht ee Wuert zum finanziellen Engagement vum Stat. Wéi ech d'Initiativ lancéiert hunn, hunn ech mer an der Regierung eng Kredittlinn gefrot vu ronn 200 Milliounen Euro, fir mech ebe lancéieren ze kënnen an déi heiten Initiativ. Firwat?

Éischtens emol, fir kënnen no baussen ze dokumentéieren, dass et eis wierklech eescht gemengt ass. Wann ech do mat zwou Milliounen gereest komm wär, dann hätten d'Leit héchstens iwwer eis gelaacht. Mä mat 200 Milliounen war dat eng ganz aner Geschicht, wat och en

immensen Echo an der internationaler Press fonnt huet.

Et ass awer net esou, dass mer déi Suen onbedéngt all brauche wäerten. Mir hu bis elo ronn 25 Milliounen engagéiert, an déi 25 Milliounen hu mer quasi exklusiv benotzt, fir an esou Firmen ze investéieren. Dat heescht, mir hunn d'Suen net ausginn, mä mir hunn d'staatlech Suen investéiert. Mir weisen domadder, dass et eis eescht ass a mir soen: Mir hunn dat doten eng kéier bei der SES gemaach. Mir verdéngen haut nach ëmmer gutt Suen, héich zweestelleg Milliounebetrag all Joer, un Dividenden, well mer deemools de Courage haten, doran och eng Participatioun ze huelen. A genee dat wëlle mer eben och hei an deem heite Projet maachen.

Also, den Invest oder d'Ausgabe vum Stat sinn also ganz limitéiert. A wa mer Suen ausginn, dann ass et haaptsächlech eben, fir a Firmen ze investéieren. Et ass also keng Depense, mä et ass en Investissement.

Et ass och esou, dass mer um internationale Plang vill Engagementer amgang sinn ze huelen. Mir hunn MoUen ënnerschriwwen mat Länner wéi Portugal. Mir sinn an de leschte Verhandlung mat Länner wéi Japan, den Emiraten, mat Polen, mat Tschechien. Mir sinn awer och an Diskussiounen mat Russland, wou ech uganks September wäert op Wladiwostok fléie mam russesche Vizepremier, fir mat hinnen iwwer en Accord ze schwätzen. Mat China maache mer datselwecht. Mat Südafrika maache mer et. A mat Kasachstan hu mer och scho geschwat, fir an déi dote Richtung ze goen.

D'Iddi ass och déi - en attendant, dass d'Nations Unies hire Space Act vun 1967 amendéieren, fir dass et dann e Recht gëtt, wat da weltwäit ofgedeckt ass -, eng Zwëschenetapp ze maachen, andeem mer e multilateralen Agreement maache mat all deene Länner, déi och bereet sinn, mat an déi dote Richtung ze goen.

Et ass och richteg, wéi den Här Mosar virdru gesot huet, dass et bestëmmt Adaptatiounen wäert musse ginn zu deem Gesetz. Mir haten eis am ursprénglechen Text e bësse méi Sputt gelooss, méi Flexibilitéit gelooss, déi de Statsrot leider awer net wollt zouloossen. Dofir hu mer dat erausgeholl, mä ech ginn dovunner aus, dass mer deen Text en cours de route nach regelméisseg wäerten upassen

Et ass och esou, dass mer natierlech mat der Uni Lëtzebuerg ganz enk zesummeschaffen. D'Uni denkt och driwwer no, fir e Master anzeféieren am Beräich Espace, also fir Ingenieuren. Mir schaffe ganz enk mam LIST. Mat Firma vun deenen New-Space-Firmen, déi op Lëtzebuerg komm sinn, schaffe se schonn zesummen. De Fonds national de la recherche schafft mat eis et cetera.

Voilà! Vläicht och eng Remarque vum Här Mosar, wat d'Konkurrenz ugeet. Natierlech, iergendwann wäerten och aner Länner op déi dote Schinn goen, mä dann hu mer awer den „first mover advantage“. Firwat solle Firmen, déi dann heih kommen sinn, déi dee ganze Mikrokosmos u Firmen hei opgebaut hunn, da wiesselen, wann een aneren hinne just datselwecht bitt a wa se hei schonn alles sur place hunn.

Dir hat mech och kritiséiert. Dir sot, ech sollt mech och e bësse méi ëm d'Lëtzeburger Ekonomie këmmern. Ech mengen awer, dass Der... Also, éischtens emol verstinn ech do Är Position net, well Dir sidd jo déi Partei, déi ëmmer warnt virun ze vill Wuesstum a virum 1,2-Milliounen-Awunnerstat, wat awer den Developpement économique nun emol zumindest deelweis mat sech bréngt.

Mä ech wëll lech awer och drun erënneren, dass mer an deene leschte Méint awer fir bis zu enger Milliard Investissementer hei an d'Industrie konnten annoncéieren, dass mer elo iwwer eng weider Milliard bei Google diskutéieren an dass am September spéitstens nach weider Honnerte Milliounen wäerten do derbaikommen. Also, maacht lech keng Gedanken. Ech hunn de Buedem ënnert de Féiss hei net verluer. A mir wäerten eis weider fir d'Lëtzeburger Ekonomie staark asetzen.

Voilà! Meng Zäit ass leider ofgelaf. Ech wëll nach just op dem Här Reding seng...

Gelif?

► **Une voix.** - D'Riedezäit!

(Hilarité)

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*. - Den Här Reding hat nach vun der Responsabilitéit geschwat, falls eppes geschitt. Ech mengen, dat ass déiselwecht, déi mer haut hu vis-à-vis vun enger SES. Déi Firmen, déi mussen natierlech..., mir hu jo dann e Regulateur, dee seet, ënner wéi enger Konditiounen déi kënnen am Espace tätég sinn. Déi kréien natierlech dann och d'Obligatiounen, sech ze assuréieren,

mä natierlech ass et herno esou, wann dann eppes doriwwer eraus geschitt, hu mer déiselwecht Responsabilitéit, wéi mer se haut oder wéi mer se scho 35 Joer hu mat enger SES.

Ech wëll just zum Schluss, wann Der erlaabt, Här President, nach mengem ganzen Team e Risemerci soen, well déi lafe wierklech op der Felg. Et hat keen domadder gerechent, dass mer esou e Succès géifen hunn an där heiter Geschicht.

Ech wëll dem Georges Schmit Merci soen, deen elo am Advisory Board weider schafft un där doter Initiativ, an dee mech, wéi gesot, deemools a Kontakt bruecht huet mat der NASA, mat all deene Responsabelen an deem dote Beräich. Him e ganz grouss Merci fir seng super Aarbecht.

Wéi gesot, mengem ganzen Team ëm de Mario Grotz, déi Dag an Nuecht, kann ech bal soen, un deem Projet hei schaffen. An och e grouss Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Uni, mam Fonds national de la recherche, mam LIST, awer och mat de Firmen, déi haut schonn am Privatsecteur tätég sinn an déi dat doten eng super Saach fannen.

Nach eng kéier e grouss Merci lech alleguete fir dee staarke Soutien fir déi heiten Initiativ.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci. Ech ginn dann och dervun aus, dass d'Diskussioun iwwert d'Motioun matgelaf ass, vu dass de Minister jo a senger zousätzlecher Zäit gesot huet, e géif d'Motioun acceptéieren. Vu dass et déi lescht Sëtzung ass virum Summer, mengen ech, war d'Chamber hei e bësse méi indulgent mat der Riedezäit.

Dat gesot, wa keng Wuertmeldunge méi zur Motioun sinn, da géife mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet iwwergoen, de Projet 7093.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7093 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 55-mol jo, 2-mol neen, bei insgesamt 57 Participatiounen um Vott. Domat ass de Projet 7093 ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Félix Eischen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat och esou decidéiert.

Motion 1

A vu dass, mengen ech, e ganz positiven Avis do ass zu der Motioun, wollt ech froen... Ech kréie mam Kapp gewénkt. Neen, da maache mer selbstverständlech den elektronische Vott iwwert d'Motioun, déi vum Här Mosar abruecht ginn ass a vun der Regierung acceptéiert ginn ass.

Vote sur la motion 1

Da fänke mer u mat der Ofstëmmung. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

An och hei ass d'Ofstëmmung elo ofgeschloss: 54-mol jo, 1-mol neen an 2 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert,

MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A voté non: M. Alexander Kriepe.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

A mer géifen domat zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6853 iwwert d'Aféierung vun enger Hëllef fir regional Investissementer. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Frank Arndt.

3. 6853 - Projet de loi ayant pour objet la mise en place d'un régime d'aide à l'investissement à finalité régionale

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Frank Arndt** (*LSAP*), *rapporteur*. - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi mat der Nummer 6853 ass den 12. August 2015 vum Wirtschaftsminister deposéiert ginn. Doropshin hunn d'Consultationschamberen an de Statsrot hir jeeweileg Avisen ofginn. D'Zil vun dësem Gesetzestext ass et, den aktuelle regionale Régime d'aide, deen de 15. Juli 2008 gestëmmt ginn ass an deen den 30. Juni 2014 à terme komm ass, duerch en neie Régime d'aide à l'investissement régional ze ersetzen.

Den Artikel 107 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Union erlaabt et der Kommissioun, fir bestëmmte Regionen an engem Land staatlech Bähëllef un d'Bereiber auszebezuelen an an déi méi schwaach Regione vun deem jeeweilege Land ze investéieren.

Et ass elo fir d'Éischt un der Europäescher Kommissioun festzeleeë mat Hëllef vu spezifische Kritären, wat fir eng Region an de Benefiss vu Regionalhëllef kënnen kommen. Duerno ass et un de jeeweilege Regierungen, fir, am Respekt vun der europäescher Virgab, déi Kombinatioun vu Region an de fannen, déi vun esou Hëllef kënnen profitéieren. Déi sougenannte Kaart gouf de 14. Abrëll 2014 finaliséiert an der Kommissioun hannerluecht, a schlussendlech och den 11. Juni 2014 approuvéiert. Soumadder huet Lëtzebuerg eng weider Förderungsperiod accordéiert kritt fir d'Period vum 1. Juli 2014 bis den 31. Dezember 2020.

D'EU-Reglement Nummer 651 vum 2014 deklaréiert och aner Zorte vun Hëllef, déi kompatibel mam Bannemarché sinn. No Récksicht vu spezifische Kritären a Konditiounen kënnen och individuell Hëllef an engem Régime d'aide oder sougenannten Ad-hoc-Hëllef accordeiert ginn, ouni déi vun der Kommissioun mussen approuvéiert ze kréien. Am Kontext vun dësem Reglement ass dann och dëse Projet de loi elaboréiert ginn.

Vu datt de Regimm vun Hëllef, dee mat dësem Projet de loi kreéiert gëtt, de Kritäre vum EU-Reglement entsprécht a vu datt dëse Régime d'aide sech just op déi Regionen applizéiert, déi op der sougenannter Kaart agezeechent sinn, muss de Regimm net nach eng kéier an d'Kommissioun oder net nach eng kéier vun der Kommissioun approuvéiert ginn, mä ledeglech muss mir d'Kommissioun iwwert d'Mise en place vun dësem Regimm informéieren, soubal de Regimm a Kraaft trëtt.

Op nationalem Niveau sinn d'Regionalhëlfe en Instrument, duerch déi de Stat d'Wirtschaft kann ënnerstëtzen an diversifizéieren. Dësen Typ vun Hëllef schreift sech domadder an e laangen Historique vun der Politique de développement et de diversification économique an eisem Land an.

Ech erënneren do just un d'Diversifikationspolitik am Kader vun der Emstrukturéierung vun eiser Stolindustrie, déi säit den 1970er Jore be-



driwwe gouf. D'Regionalhëllefën erméiglechen et, fir kënnen an eenzele Regiounen vum Land eng spezifesch an eng geziilt wirtschaftlech Fërdéierung ze maachen. D'Zil ass et, déi wirtschaftlech Entwécklung vu verschiddene Géigenden vum Land ze ënnerstëtzen, de Chômage an deene Regiounen ze bekämpfen an d'Wirtschaft ze diversifizéieren.

Mat geziilte Regionalhëllef steiere mir och ee wichtegt Stéck zur Beschäftegungspolitik an de Gemengen an an de Regiounen bái, well mir jo net nëmmen a Maschinnen a Betriber investéieren, mä och a Mënschen. A besonnesch am Industriesektor, do, wou oft manner qualifizéiert Personal gebraucht gëtt, kann een duerch d'Kreatioun vum zousätzlechen Aarbechtsplazen de Chômage bekämpfen.

Am Kader vun där leschter Fërdéierungsperiod konnten eng Rei vu groussen Investissementsprojete realiséiert ginn. Am leschte Rapport vun der Kommissioun ass nozeliesen, datt 2013 22 Regionalhëllefën accordéiert goufen op Basis vum Gesetz vum 15. Juli 2008 zur Ënnerstëtzung vun der Wirtschaftsentwécklung.

Déi wirtschaftlech Entwécklung zum leschte regionalen Hëllefssystem kann een och an Zuelen ausdrécken. Soumat hunn déi 22 Regionalhëllefën een Investissement an enger Héicht vun 260 Milliounen a bis zu 630 Aarbechtsplazen hei am Land geschaaft. Nom neie Gesetz wäerten an Zukunft déi Betriber just nach vu Regionalhëllef kënne profitéieren, wa si an där beträffender Gemeng een neit Etablissement oder eng nei Aktivitéit kréieren. Dës ass ee vun deene grouse Changementer par rapport zur leschter Fërdéierungsperiod, wou deemools keen Ënnerschied gemaach gouf tëschent grouse Betriber a PMEen.

Mat deem Gesetz gëtt séchergestallt, datt grad Kleng- a Mëttelbetriber gehollef kréien, déi duerch hir beschränkt Dimensiounen net déi Méiglechkeeten hu wéi grouse Betriber. Déi Regiounen, déi vum neien Hëllefssystem wäerte kënne profitéieren, sinn net méi déi nämlech wéi virun der leschter Fërdéierungsperiod. D'Lignes directrices vun der EU-Kommissioun hu sech als Zil gesat, d'Regionalhëllefën erofzesetze respektiv méi cibléiert ze verdeelen. Dofir sinn d'Kritären och erëm eng Käier vill méi streng gi wéi an de Jore virdrun.

D'Kritären, déi an de Lignes directrices vun der Kommissioun definéiert gi sinn, schreiwen ënner anerem vir, fir dass eng eligibel Regioun grouse strukturell Changementer duerchlaf misst an och eng Mindestpopulatioun vun 10.000 Awunner misst hunn.

Wat bedeit dat elo konkret fir eist Land? Wéi eng Regiounen, wéi eng Gemengen kënnen an der lafender Fërdéierungsperiod ënnert dee Régime d'aide falen? Opgrond vun de Simulatiounen, déi gemaach goufen, huet d'Regierung zwou Regiounen proposéiert, an deenen zwou Gemengen zréckbehale goufen. Fir d'Regioun Südwesten ass et d'Gemeng Déifferdeng, a fir d'Regioun Südosten d'Gemeng Diddeleng.

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Verschiede Leit héieren dat do gär.

Wat de finanziellen Impakt vun deem Gesetz wäert sinn, do ass et schwier, zouverlässig Aussoen iwwert dee genaue Käschtepunkt ze maachen, well een zu deem Zäitpunkt nach net ka soen, wivill Betriber esou eng regional Aide à l'investissement wäerten ufroen, a wivill vun deenen Ufroen um Enn och wäerten approvuiert ginn. Trotzdem kann een dervun ausgoen, dass duerch dee méi restriktive Kader de Montant vun den Aiden an der lafender Period ofhuele wäert, besonnesch vis-à-vis vun der Period 2007 bis 2014.

An dat entsprécht iwwregens dann och der Logik vun der Europäescher Kommissioun. Et geet een dovunner aus, datt pro Joer ee bis zwéi Projekte wäerten approvuiert gi respektiv eng 2,5 Milliounen un Investitionshëllefën ausbezuelte ginn.

Här President, komme mer nach zu den Aven vum den Handelskummeren. D'Chambre de Commerce weist an hirem Avis vum 6. Oktober 2015 drop hin, datt d'Gesetz e ganz favorablen Impakt op déi wirtschaftlech Entwécklung vum Land wäert hunn an eng ganz Partie vun Aarbechtsplaze wäert schafen.

D'Handelskummer hält och fest, datt d'Lëtzebuerger Autoritéiten déi enk Marge de manoeuvre vun de fixéierte Richtlinie maximal hei ausgeschöpft hunn. Vu datt an der Vergaangenheet keen Ënnerschied bei der Attributioun vun den Hëllefën tëschent groussen,

klengen a mëttel Betriber gemaach gouf, dës awer mam neie Gesetz ännert, hannerfreet d'Chambre de Commerce den Impakt op déi méi grouse Betriber.

Trotz dëser Bemierkung begréisst d'Chambre de Commerce, datt déi kleng a mëttelgrouse Betriber zousätzlech ënnerstëtzt ginn. D'Handelskummer gehäit och Fro op, ob eng Gemeng, déi net eligibel ass, fir Regionalhëllef ze kréien, awer an de Genoss vun der Hëllef ka kommen, wa si un eng eligibel Gemeng ugrenzt.

Weiderhin ënnersträicht d'Chambre de Commerce de complémentairé Charakter vun dese regionalen Hëllefssystemer a betount, datt d'Hëllefssystem am Beräich vun der Recherche, der Entwécklung an dem Ëmweltschutz ëmmer méi prioritär ginn. An deem Sënn ass et der Handelskummer wichteg, datt déi zwéi Hëllefssystemer zesummen eng nohaltig wirtschaftlech Entwécklung ustriewen.

Här President, komme mer elo nach zum Avis vum der Handwierkerkummer. An hirem Avis vum 7. Januar 2016 formuléiert d'Chambre des Métiers e puer Bemierkungen. D'Chambre des Métiers begréisst, dass fir d'Mëttelbetriber eng Majoratioun vun 10 Prozentpunkte méiglech ass an datt fir kleng Betriber des Majoratiounen souguer op 20 Prozentpunkte kënnen eropklammen. D'Chambre des Métiers encouragéiert an deem Kontext d'Regierung, fir an Zukunft weiderhin déi Regionalhëllefën an den traditionellen Sektoren ze cibléieren a primär an déi Kleng- a Mëttelbetriber ze investéieren.

Här President, komme mer nach zum Avis vum Statsrot. Deen hat eng Partie vun Oppositionsformellen a sengem éischten Avis formuléiert, dës weinst juristeschen Onsécherheeten an dem Netanale vum der Gesetzeshierarchie. An opgrond vun deem Avis sinn dunn den Artikel 12 an den Artikel 14 suppriméiert ginn, an den Titel vum Gesetzestext ass doropshin och ëmformuléiert ginn.

Dës gesot, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, soen ech lech Merci fir d'Noauschteren a ginn natierlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem Gesetzestext.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Arndt. An déi éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamme Françoise Hetto. Madamm Hetto, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätze jo haut iwwert de Projet de loi 6853, dee sech mat de staatleche Subventiounen fir Investitionsmaterialer a de Betriber a bestëmmten Deeler vum Land an och ënner bestëmmte Konditiounen beschäftegt.

De Rapporteur Frank Arndt, deem ech ganz häerzlech wëll Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen an och schrëftleche Rapport, ass scho ganz am Detail dorobber agaangen. Mir hunn héieren, an der viregter Period, tëschent 2008 an 2013, waren et véier Regiounen, an deenen Entreprisën vun dese Subventiounen konnte profitéieren: de Südweste mat Déifferdeng a Suessem, de Südoste mat Diddeleng, den Oste mat Lechenbach, Mäertert, Mompech a Rouspert, an den Norde mat Clief, Eeschweiler, Wolz a Wëntger.

Zukünfteg kënnen nach just Entreprises aus de Regiounen Südosten, also Diddeleng, a Südwesten, Déifferdeng, an de Genoss vun deene staatleche Subventiounen kommen. Den Norden an den Oste falen eraus. Den Ursprung dovunner läit an de Lignes directrices vun der EU-Kommissioun, déi d'Kritären fir d'Selektioun vun deene Regiounen virginn. Op där Basis huet d'Lëtzebuerger Regierung 2014 Diddeleng an Déifferdeng proposéiert. Jo, et stëmmt, dass d'Kritären méi restriktiv gi sinn, an awer ass et bedauerlech, dass d'Regierung net versicht huet, och eng Regioun aus dem Norden oder aus dem Oste mat eranzehuelen.

Opgrond vun de verschiddene Kritären, notament dem Chômage, mä awer och der Awunnerziel, wier dat méiglech gewiescht. Ech ginn lech e Beispill. An der Regioun Norde gëtt et ronderëm d'Nordstad e Chômagetaux, dee bei 12,5% läit an domadder méi héich ass wéi zum Beispill dee vun Déifferdeng mat 11,4%. An der Regioun Norde gëtt et och nach ronderëm Wolz ee Chômagetaux, dee méi héich ass wéi 10%. An och an der Regioun Oste ronderëm Lechenbach läit de Chômagetaux iwwer 10%. Hei hätt een de ländleche Raum wesentlech kënne stäerken an domadder zu senger Entwécklung bäidroen.

Et hätt een en plus fir eng besser geographesch Verdeelung vun den ekonomeschen Aktivitéiten gesuergt. Net ze schwätze vun dem positiven Impakt dovunner op d'Schaf vum Aarbechtsplazen an d'Reduzéierung vum Trafic.

Amplaz deemno zwou Regiounen aus dem Süden ze huelen, hätt een och kënnen eng Regioun aus dem Norden oder Osten derbäihuelen. Hei geet et äänlech wéi bei de Gemeengefinanzen: de ländleche Raum gëtt vernoléisseg. Mir bedauern dat zudéifst.

Vu dass d'Ëmsetzung vun deem Gesetz allerdéngs eng Noutwendegkeet ass an och urgent ass, nodeem dat viregt Gesetz schonn 2014 ausgelaf ass, wäerte mir als CSV dat heite stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An déi nächst Riednerin ass d'Madamme Joëlle Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger** (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, des Regierung investéiert esou vill wéi nach keng Regierung virdrun. D'Demokratesch Partei wënscht sech natierlech, dass niewent dem Stat och eis Entreprises investéieren. Fir d'Betriber ze motivéieren an hir Strukturen um Standuert Lëtzebuerg ze investéieren, gëtt et eng Pannoplie vun Investitionshëllefën.

Dat Gesetz, wat mir haut stëmmen, ass en Deel vun der Strategie, fir eis Ekonomie ze férdere an och ze diversifizéieren. Am März hate mir schonn e Gesetz gestëmmt, dat deen neie Kader festgeluecht huet fir d'Hëllefën, déi an d'Recherche, an den Developpement an an d'Innovatioun ginn. Donieft ginn et och nach Hëllef fir Investitionsmaterialer, déi der Ëmwelt zueggutkommen. Dese Projet de loi wäerte mir och an noer Zukunft hei an der Chamber stëmmen.

Haut setze mir awer en neie Kader fir d'Hëllef fir Entreprises, déi a sougenannt defavoriséierten Zonen investéieren. Ee vun den neie Kritären vun der EU-Kommissioun, fir eng Zone défavorisée ze sinn, ass, dass op d'mannst 10.000 Leit an der concernéierter Regioun liewe mussen. Dofir erfëllen zum Beispill d'Zone-ekonomeschen aus dem Éislek leider net des Konditiounen.

En anere Kritär ass d'Aarbechtslosigkeit. An Dir hutt et scho vu menge Virriedner héieren: Déi zwou Gemengen, déi déi nei Kritären erfëllen an déi als Zone défavorisée zréckbehale goufen, sinn Diddeleng an Déifferdeng. D'lescht Woch hat erëm eng Entreprise ugekënnegt, sech zu Déifferdeng ze implantéieren. D'Firma OCSIAL wäert awer iwwer 100 Milliounen Euro an eng Produktiounslinn an an e Centre de recherche investéieren. Op deem Site wäerten da ronn 200 nei Aarbechtsplaze geschaf ginn. Dat ass net déi eenzeg Entreprise, déi grad am Süden an zemoos zu Déifferdeng an zu Diddeleng investéiert. Déi Hëllefën hunn deemno en direkten Impakt beim Choix, wou e Betrib sech implantéiert.

Här President, et kann een natierlech elo bedauern, dass mat deem Gesetz manner Entreprises eligibel wäerte sinn, fir un déi nei Aiden ze kommen. Effektiv gëtt an Zukunft den Akzent méi op d'PME gesat. Dës ass awer keng Entscheedung vun eiser Regierung. Déi huet nämlech nach de Maximum erausgeholl vun deem, wat mat den neie Ligne-directrice fir d'Joren 2014-2020 méiglech ass. D'Konditiounen vun der Stee, fir vun Aiden ze profitéieren, sinn nämlech méi streng a méi strikt ginn.

Leider kréie gréisser Entreprises an Zukunft keng Hëllef méi, wa si sech vergréisseren, mä nëmme wa si en neie Site schafen oder op engem besteende Site eng ganz nei Aktivitéit ufänken. Dat ass bedauerlech, well grad des Entreprises an deene leschte Joren am meeschten Demandé gemaach hunn.

Déi Kleng- a Mëttelbetriber hirersäits kréien awer weider Hëllefën, wa si ausbauen. Déi Aidé gi souguer ëm 10% fir mëttelgrouse Entreprises an ëm 20% fir kleng Entreprisën majoréiert. En anere positive Punkt ass, dass an Zukunft och Firmen am Beräich vun de Bank- a Finanzdëngschtleeschungen vum Einzelhandel a vun de Professions libérales vun deenen Aidé profitéieren kënnen.

Här President, dese Gesetzesprojet gesäit genau wéi d'Gesetz vun 1993 vir, dass de Stat kann Terrainen kafen a Gebaier amenagéieren, fir de Betriber zur Verfügung ze stellen. Anescht wéi am Gesetz vun 1993 sinn des elo net méi exklusiv fir eng Aktivitéit industrielle reservéiert, ma jiddwereen, deen eng Aktivitéit économique bedreift, kann esou Lokal vum Stat zur Verfügung gestallt kréien. Dës ass eng Upassung, déi der ekonomescher Realitéit vum Land Rechnung dréit.

Lëtzebuerg wëllt an nei Technologien a Start-uppen investéieren, an dofir ass et nëmme logesch, dass des Betriber, déi am Sektoren vun der Logistik, vun den Ekotechnologien a vun Humanwëssenschaften aktiv sinn, och kënne vun esou Terrainen profitéieren. Doniewent kritt de Stat d'Méiglechkeet, fir Terrainen ze kafen,

déi als Kompensatioun fir aner Zone-ekonomeschen déngen.

Dës gesot, soen ech dem Rapporteur Merci fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport a ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Merci, Här President. Ech géif den Accord vun der grénger Fraktioun erabringen a soen natierlech dem Rapporteur e grouse Merci fir säin detailléierte mëndlechen a schrëftleche Rapport.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Ech hu keng weider Wuertmeldungen. Ass dat korrekt?

(Assentiment)

Dann huet den Här Wirtschaftsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Jo, Merci, Här President. Ech wëll och hei op dës Plaz just dem Rapporteur e grouse Merci soe fir säin detailléierte Rapport. Ech mengen, dass dat heiten ee wichtege Outil ass, dee mer eis elo erëm ginn, fir ebe just PME kënne ze ënnerstëtzen a méi defavoriséierte Regiounen, woubäi natierlech ëmmer schwéier ass, zu Lëtzebuerg vun defavoriséierte Regiounen ze schwätzen.

Mä hei hu mer natierlech vis-à-vis vu Bréissel drop gehal, dass mer déi doten Aiden zumindest nach kënnen an zwou Stied weiderféieren. Dat ass an deem heite Fall Déifferdeng an Diddeleng. A mir sinn elo frou, dass mer dat dann haut hei kënne mat Ärem Vott besigelen, an hunn also ee Moya méi, wéi de Rapporteur dat richteg gesot huet, fir ebe just Entreprises, déi sech an deenen zwou Stied niderloossen, ze ënnerstëtze bei hirem Investissement.

Ech mengen, dass dat e ganz wichtege Projet ass a soen dem Parlament dofir e grouse Merci fir de Vott.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Da si mer prett, fir ofzestëmmen. An dat maache mer dann och direkt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6853 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass eriwwer: 60-mol jo. De Projet 6853 ass ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen vum leschte Projet vun dem Moie kommen. Dat ass de Projet 7112 iwwert d'Protektioun an d'Rechter vun de Séileit, d'Transpositioun vun enger europäescher Direktiv. An d'Wuert huet d'Madamme Rapportrice. Dir zwéi hutt d'Wuert.

4. 7112 - Projet de loi modifiant:

1. le Code du travail;

2. la loi modifiée du 9 novembre 1990 ayant pour objet la création d'un registre public maritime luxembourgeois, en vue de transposer la